

OUSCHTEREEËR FIERWEN, FIR AVEX



Wat s du brauchs

- Eeër
- Ënneschuelen
- Kraider
- Nylonsstrëmp
- Ficelle
- Schéier
- Eeërpick

Wat s de elo maache muss

Du muss deng Eeër mat Waasser ofwäschen an dann ofdréchnen

Mat der Eeërpick gëtt ee klengt Lach an d' Ee gepickt. D' Lach gëtt do gepickt wou d Loftblous am Ee ass (op der méi décker Säit).

Da ginn Kraider oder Blieder op d'Eeër geluecht an eng Nylonsstrëmp gëtt ganz fest driwwer geluecht an gespaant fir dass d' Kraider an d' Blieder op der Plaz leien bleiwen.

Fotoe vu lénks no riets



D'Nylonsstrëmp gëtt mat enger Ficelle zougestréckt fir dass se net méi verrétscht oder lass geet.

Sinn all d'Eeër preparéiert dann ginn se an engem Dëppen mat Waasser an Ënneschuelen gekacht.



D'Eeër sollen 10 Minutten kachen.

Duerno ginn se erausgeholl a mat kalem Waasser ofgeschreckt.



Dann kann een d'Strëmp lass schneiden an d Kraider erofhuelen.

Lo kann een schéin Musteren op den Eeër erkennen.



Lued eng Foto vun denger Aktioun op lgs.lu/scoutendoheem erop.

Déi bescht Fotoen aus all Branche gewannen ee flotte Kado.

